15 Joer Atelier

Den Atelier feiert 15 Joer. De populären a beléifte Concertssall an der Hollerecher Strooss huet Pionéieraarbecht am Rock- a Pop-Beräich geleescht, huet Lëtzebuerg op de Stroossekaarte vun de Booking-Agencen uechter d'Welt zu engem feste Rendez-Vous gemaach.

Yves Stephany

Viru 15 Joer gouf et kaum intressant Rock-Concerten am Grand-Duché. Déi lokal Zeen war nach laang net esou developpéiert a motivéiert, wéi dat haut de Fall ass. Déi éischt Rock-Concerte mat Niveau zu Lëtzebuerg, ech schwätzen net vu Mainstream-Events a Sportshalen oder ënner fräiem Himmel, goufen am grousse Stil vum Atelier organiséiert. Ofgesi vum Melusina, deen eng Zäit laang regelméisseg intressant Muséker invitéiert huet. Am Ufank waren et der nëmmen e puer am Joer, dunn e puer am Mount, a mëttlerweil sinn all Woch Concerten an der Hollerecher Strooss. Vu variabler Qualitéit, wuelgemierkt. Net alles, wat gebucht gëtt, ass genial, villes ass kale Kaffi oder belanglos Chartmusek. Awer den Atelier huet seng Plaz an der Lëtzebuerger Musékwelt fonnt an huet déi lokal Zeen, wann och onfräiwëlleg, mat geformt.

Nieft dem Atelier gëtt et déi riseg Rockhal op Esch-Belval. D'Rockal, déi viru kuerzem hire 5. Gebuertsdag gefeiert huet an déi sécher vill vum Atelier geléiert huet. Am Muséksbusiness brauch ee Kontakter an Experienz. Dës feelen der Rockhal nach. Den Atelier huet scho méi wéi eemol gewisen, wéi een et richteg oder besser mécht. Huet déiselwecht Band oder dee selwechten Artist besser verkaaft oder zu engem besseren Zäitpunkt gebucht.

Eng aner wichteg Venue ass d'Kulturfabrik zu Esch. Awer dësem Sall feelen déi finanziell Moyene fir am Atelier senger Liga matzespillen, an hei gouf et an der lescht Gedeessëms mat de Promoteuren, wat awer, wéi et ausgesäit, um Wee vun der Besserung ass. D'Kufa wäert ëmmer méi en Underground-Touch behalen. An dat ass gutt esou.

An da gëtt et nach den Exit07, den Noper vum Atelier, deen awer musikalesch méi experimentell an elektronesch Weeër geet a wéinst senger Kapazitéit éischter en Indie-Public uschwätzt.

Wat den Atelier vun dësen aneren Haiser ënnerscheet, ass, datt et eng komplett privat Entreprise ass. An dowéinst no anere Regele funktionéiert wéi e Sall, dee subventionéiert gëtt. Den Atelier mécht kaum Cadeauen, wéi der Press masseweis gratis-Entréesticketen ze schenken. Deelweis verlaangen déi Responsabel fir eng Accreditatioun e Beweis, datt am jeweilege Medium Reklamm fir hiren Event gemaach gouf. Sécher och, well hei vill abuséiert gouf. Den Atelier bréngt, wéi uewe schonn ugedeit, deelweis manner intressant Mainstream-Bands, eleng an dëse leschten Deeg ware puer Acts zu Gaascht, bei deene sech dem opgekläerte Muséksfan d'Zéiwenneel no uewen diebelen. De Guitars-Masturbator Joe Satriani, den Teenie Däitschrock-Ofklatsch Wir sind Helden oder dee ganz ellene Reggae-Blasphemie-Jünger Patrice. Op där anerer Säit ass et schéin, datt d'Programmateuren ëmmer neess richteg grouss, intressant Acts an esou e klenge Club kréien. D'Black Keys zum Beispill oder d'Eels am September.

Ëmmer neess war an ass den Atelier e Garant fir onvergiesslech musikalesch Momenter. Shellac, déi den 2. Oktober gespillt haten, sinn e Beispill dofir, datt déi Responsabel net nëmmen op de Frick aussinn, mä an hirer Programmatioun och Plaz loosse fir Coups-de-cœuren.

Polemik gouf et an der Lescht wéinst dem geplangtenen Ëmzuch vum Atelier an d'Hollerecher Schluechthaus. Datt d'Stad Lëtzebuerg dëse Komplex engem private Concertsorganisateur iwwerléisst, ouni datt dat ausgeschriwwe gëtt an anerersäits de CarréRotondes geschwe keen Doheem méi wäert hunn, grenzt un e Skandal. Awer dat ass en anert Kapitel a concernéiert d'Politik an net den Atelier. ◆

Den Yves Stephany ass Muséksredakter um radio 100,7.
Kulturchronik um radio 100,7 all dënschdes um 7.55 an 12.50.

Kulturchronik vum 2.11.2010